N° 7642
Entrée le 22.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Et ass eng Normalitéit, dass zu Lëtzebuerg zu de Spëtzestonnen d'Autobunnen saturéiert sinn, grad a Proximitéit vun der Stad. Ee klassescht Beispill ass den Echangeur um Enn vun der A7, fir op de Kierchbierg ze kommen. Hei staut et bal all gudden Dag mueres an et ass ee riesegen alldeeglegen Zäitverloscht, fir déi Mënschen, déi den Individualverkéier notzen.

Vill Leit béien moies Richtung Kierchbierg an a Richtung A1 Rondpoint Iergäärtchen of, wärend manner Persounen a Richtung Sennengerbierg/Tréier ofbéien. Op dëser Plaz existéiert ee strukturelle Problem, well op der Bréck vun der A7 nach zwou Fuerspueren no riets féieren, mee dës Spueren sech duerno an eng Spuer Richtung Autobunn an eng Richtung Kierchbierg opdeelen.

Op der Bréck vun der A7 leeft dee meeschten Traffic - also op der rietser a mëttlerer Spuer. Doduerch, dass déi lénk Spuer manner genotzt gëtt, profitéiere verschidde Leit vun der lénker Spuer, fir sech ganz zum Schluss nach virzedrécken, wat zu weidere Ralentissementer féiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng alternativ Stroosseféierung kéint op dëser Plaz um Echangeur zum Asaz kommen, fir d'Virkomme vu Virdrängler ze reduzéieren?

2. Wier et eng méiglech Alternativ d'Spueren op dëser Plaz wéi um Bild an der Annexe anzezeechnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten



N° 7642
Entrée le 13.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°7642 vum 22. Februar 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

*Wéi eng alternativ Stroossefféierung kéint op dëser Plaz um Echangeur zum Asaz kommen, fir d'Virkomme vu Virdrängler ze reduzéieren?*

D'Stroossebauverwaltung ass sech dëser Thematik bewosst.

Esou goufen op dëser Plaz och schonns vu menge Servicer Iwwerleeungen an Etudë gemaach fir des Situatioun Moies an den Haaptverkéierszäite besser ze reguléieren.

Leider konnt bis elo awer nach net déi richteg Léisung fonnt ginn.

*Wier et eng méiglech Alternativ d'Spueren op dëser Plaz wéi um Bild an der Annexe anzezeechnen?*

Déi vum Här Deputéierte schematesch duergestallten Optioun ass aus geometresche Grënn leider net ëmsetzbar.

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch